



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Enn Mee 2024 huet den EU-Ministerrot eng EU-Direktiv fir eng maximal Limitt fir mat Boergeld ze bezuelen, vun 10.000 Euro approvéeiert. Bis zu deem Betrag steet et de Bierger och fräi, Suen op internationale Fluchverbindunge matzeféieren, ouni dës misse bei der Douane ze deklaréieren. Doriwwer eraus existéiert zu Lëtzebuerg aktuell nach keng formell Limitt bis zu wéi engem Montant ee mat Boergeld dierf bezuelen. Esou wéi et mir zougedroe gouf, musse Bierger sech awer och dann deelweis bei hirer Bank rechtfäerdeg, wann si manner wéi déi 10.000 Euro vun hiren eegene Sue wëllen ophiewen. Vu Säite vun den entspreche Banke gëtt déi Praxis mat gesetzlechen Obligatiounen gerechtfäerdeg.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Froe stellen:

- 1) Sinn d'Banke gesetzlech ugehalen, Clienten d'office auszefroen, wann si bestëmmten Zomme vun hire Sue wëllen ophiewen? Falls jo, op wéi enger legaler Grondlag a vu wéi engem Montant un? Sinn d'Clienten, déi hei engem private Vertragsverhältnis mat der Bank stinn, verpflichtet, ob esou Froen ze äntweren?
- 2) Verfügen d'Banken iwwert e gesetzlech Recht oder eng Pflicht, de Clienten hir eege Suen ze verweigeren, wann si d'Erklärungen, déi d'Clienten hinne ginn, firwat si hir Suen ophiewen, fir net plausibel halen oder d'Clienten sech weigeren, sech vis-à-vis vun engem Déngschtleescher ze erklären?
- 3) Sinn d'Banken obligéiert, Donnéeën zu den Ursaachen firwat d'Clienten hir Suen ophiewen, schriftlech festzehalen a falls jo, vu wéi engem Montant un a wéi laang? Op wéi enger datenschutzrechtlicher Grondlag géif esou eng Dokumentatioun stattfannen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten